PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Ëmmer erëm kënnt et zu Tunnelspärungen op eisen Autobunne, déi zu Situatioune gefouert hunn, wou Automobilisten tëscht der leschter Sortie an dem Tunnel blockéiert waren. Dëst war besonnesch problematesch well d'Leit oft Stonnelaang ouni Informatiounen op der Autobunn stoung bloufen, ouni eng Méiglechkeet fir sech ze dréinen oder eng alternativ Route ze huelen.

D'Sécherheet vun eise Bierger ass eng primär Aufgab vum Staat, an dofir ass et wichteg dass mir bei Tunnelspärungen net nëmmen un d'Sécherheet am Tunnel selwer denken, mee och un d'Situatioun vun de Leit, déi virum Tunnel blockéiert sinn. An anere Länner gëtt bei Tunnelspärungen d'Autobunn direkt bei der leschter Sortie gespaart fir esou Situatiounen ze verhënneren. Respektiv et gi séier Moyenen agesat fir d'Leit tëscht dem Tunnel an der leschter Sortie vun der Autobunn erof ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Prozedure ginn et aktuell fir d'Leit ze informéieren, déi bei enger Tunnelspärung tëscht der leschter Sortie an dem Tunnel blockéiert sinn?

2. Firwat gëtt d'Autobunn bei Tunnelspärunge net systematesch bei der leschter Sortie gespaart, fir ze vermeiden, dass Leit tëscht Sortie an Tunnel blockéiert ginn?

3. Ginn et Pläng fir d'Kommunikatioun mat de blockéierte Leit ze verbesseren an hinnen alternativ Méiglechkeeten unzebidden?

4. Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis eng Ëmleedung bei enger Tunnelspärung ageriicht ass?

5. Ginn et Pläng fir d'Prozedure bei Tunnelspärungen ze iwwerschaffen, fir d'Situatioun fir d'Automobilisten ze verbesseren?

6. Wéi laang muss een Tunnel gespaart sinn, bis d'Leit tëscht enger Sortie an dem Tunnel vun der Autobunn guidéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten